PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

D'Lëtzebuerger Kathoulesch Kierch stellt via de Site https://data.matricula-online.eu/de/LU/luxemburg/ Daten zu den Dafen, Bestietnisser a Stierffäll aus dem 18ten, dem 19ten an dem 20ten Joerhonnert zu Lëtzebuerg fräi zur Verfügung.

Iwwert dëse Wee kënnnen all Biergerinnen a Bierger Recherche maachen iwwert d'Famille vun „deemools" an et kënnen och ganz Duerfchroniken analyséiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Ministesch dozou, och d'Populatiounsregëster vun de Gemengen online zur Verfügung ze stellen? Wann d'Ministesch dëser Propos favorabel géigeniwwer steet, wéi een Zäitraum vun Daten (Joergäng) kéinten de Bierger hei accessibel gemaach ginn?

2. Wéi steet d'Ministesch zu der Propos, fir al Populatiounsregëster och a Papeierform op de Gemengen de Biergerinnen a Bierger zur Verfügung ze stellen?

3. Ginn d'Donnéeën aus de Populatiounsregëster haut schonn all digital an enger Datebank gespäichert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député